



La version prononcée fait foi

UNION DES ENTREPRISES
LUXEMBOURGEOISES

Ouverture de la Foire de Printemps, le 1^{er} mai 2010

Discours de Monsieur Michel Wurth, Président de l'UEL

Altesse Royale,
Excellences,
Madame Vize-Präsidentin vun der Chambre des Députés,
Madame an Här Minister,
Dir Hären Deputéierten,
Här Präsident vum Conseil d'Etat,
Här Député-Maire,
Här Präsident vun der Luxexpo,
Dir Dammen an Dir Hären,

D'Kris huet sech weltwäit breet gemaach, mä et ass an Europa wou se di déifsten Konsequenzen no sech zitt an am längsten undauert. Di nei Economien (BRIC) hunn méttlerweil nees positive Wuesstem. D'Kris ass dofir esou schlëmm an Europa well se di schon bestane Schwächten accentuéiert :

- Di europäesch Croissance ass tendantiellement méi schwaach wéi am Rescht vun der Welt a verschidden Europäesch Länner sinn no beim Kollaps vun hiren öffentleche Finanzen, wat esouguer Onrouen ronderëm den Euro bruecht huet ;
- D'Konkurrenz aus den opstiewenden Economien gëtt émmer méi staark a begräift émmer méi eng grouss Spart vu Produkter a Servicer ;
- An net zulescht huet d'Stratégie de Lisbonne, déi Europa zu enger Wëssenséconomie sollt maachen, op eng flagrant Art a Weis versot.

Bis viru kuerzem sinn sech zu Lëtzebuerg wéineg Leit vun dem Eescht vun der Situatioun bewosst ginn well d'Effeten vun der Kris net direkt ze spieren worn :

- Well eng stark Proportioun vu Lëtzebuerger an der Fonction publique schaffen oder Rentner sinn, déi der Meenung sinn dass dat wat si kréien selbstverständlich wier, obschonns et vir d'éischt vun de Betriber muss erwirtschaft ginn ;
- Haaptsaechlech vill Frontalieren hir Platz verluer hunn oder auslännesch Residenten déi d'Land verlooss hunn an deenen hir Stëmm net ze héieren ass ;
- Eng grousszügeg sozial Legislatioun op eng efficace Art a Weis d'Persounen protégéiert ;
- An well an deenen ville Betriber, déi mat wirtschaftlechen Schwierigkeiten konfrontéiert sinn, en effizienten Krisemanagement zesummen mat de Sozialpartner agesat gouf, den och vum Staat énnerstëtzzt gouf.

D'Analysen, déi iwwert d'Kris an hir Auswirkungen gemaach goufen, souwuel vun der Regierung, vun der Zentralbank, der europäescher Zentralbank, der OECD, dem FMI an der UEL, schléissen alleguereten op eng absolut Noutwennegkeet fir strukturell Reformen, déi d'Land dréngend virhuele muss, well

- D'Präisinflatioun bei eis zénter 10 Joer iwwert där vun onse Nopeschlänner läit, wat Joer vir Joer eis Lounkäschten a Sozialausgaben méi deier gemaach huet, ouni dass den Eenzelnen dovunner profitéiert huet, mä wourunner d'Entreprisen leiden a géinteniuwer hire Konkurrenten an der Groussregioun oder international un Terrain verluer hunn ;
- De Chômage, deen schon virun der Kris zénter Joren strukturell ugezunn huet, duerch d'Kris beschleunegt gouf, so datt mëttlerweil bal 15.000 Persounen ouni Schaff sinn, ofgesinn vun deene Leit déi an deene sëlleche Mesuren énnerbruecht sinn oder den RMG kréien ; Zesummen sin dat iwert 30.000 Menschen oni hir Familien wat d'Schlemmhett vun der Situation am Beschten schildert;
- D'ëffentlech Finanzen duerch enorm Budgetsdefiziter gekennzeichnet sinn, di d'ëffentlech Schold op ni gekannte Niveauen wäert eropdreien;
- D'Sozialversécherungsregimer net méi am Equiliber sinn an drohen, mëttelfristeg insolvent ze ginn.

Dëst beweist dass d'Land net méi d'Moyenen huet, d'Integralitéit vum Sozialsystem ze finanzéieren. Et gëtt also nëmmen 1 Méiglechkeet fir aus dësem Schlamassel erauszekommen:

- Iwwert d'Kompetitivitésverbesserung nees wirtschaftleche Wuesstem erreechen, fir dat esou nees Base geluecht ginn fir Aarbecht ze schafen, d'Staatskeesen ze fëllen an de Sozialversécherungssystem ze perenniséieren.

Suën ausginn ouni nozedenken bringt een an eng Situatioun wou d'Steiere vu muer d'Scholden vun haut musse bezuelen.

Et wor also richteg, d'Tripartite anzeberuffen an all Parteien opzefuederen hiert Méiglechst ze maachen, fir adequat Lésungen ze fannen fir d'Land aus der Kris ze zéien.

Et ass selbstverständlichech, datt an déser Situatioun, d'sortie de crise net gratis ass. Ween dat net agesäit, dee mécht bewosst d'Aen zou oder seet net d'Wourecht.

Mir bedaueren ganz besonnesch den Echec vun den Tripartitesgespréicher. Et as onverzeilech wann d'Tripartite als bewärtent Kriseninstrument aus partisanen, kuerzfristege Grenn zu Schued kennt. Schliisslech bitt se eng Chance fir d'Sozialpartner op di ekonomesch a sozial Politik hei zu Lëtzebuerg kennen Afloss ze huelen.

Dofir stong d'UEL zu der Tripartite an huet sech dës Kéier esou vill Méi wéi nach ni gemaach duerch Analysen, Diskussiounen a Virschléi. Schon am März 2009 hu mir 100 Propositiounen ausgeschafft, an se der Tripartite virgeschloen. An hire Budgetsavisen hunn d'Chambre de Commerce an d'Chambre des Métiers Propositiounen gemaach wéi de Staat 500 Mio pro Joer - ugefäng 2010 - spuere kéint.

Besonnesch huet d'Tripartite versot a Bezug op d'Käschtesäit vun der Kompetitivitéit an am Wellen, d'Inflatioun, déi d'Kompetitivitéit bestänneg énnergrieft, fundamental ze briechen.

Et ass och onverzeilech, datt d'Tripartite net d'Jalonen ofgestach huet fir déi dringend noutwenneg Reformen am Sozialversécherungswiesen, a besonnesch déi vun de Pensiounen.

Iwert desen allgemengen Echec eraus, muss een allerdengs di 65 Propositiounen déi den Wirtschaftsminister stellvertriedend fir d'Regierung dohinnergeluecht huet, begréissen, genau esou wéi de Plang vun der Regierung, den Defizit vum Etat central vun 2 Milliarden op 800 Milliounen zréckzeféieren an di nei Verschöldung op 4 Milliarden ze limitéieren.

Et sief och unzeerkennen, datt d'Regierung versicht huet, dobäi di sozial Schwaach ze verschounen, wat mir ausdrécklech begréissen.

D'Tripartite huet manner ewéi den halwen Deel vu senger Aarbecht gemaach, déi et gëllt elo ze vervollstännegen fir all Elementer vun der Triptique „Kompetitivitéit – Aarbeitsmaart – öffentlech Finanzen“ ze adresséieren, déi vun der Regierung als Aarbeitsprogramm fir d'Tripartite virginne wär.

Fir dësem Manko ze begéinen, huet d'UEL e Moratoire vun 2 Joer um Index virgeschloen. Dës Mesure géing nämlech souwuel d'Kompetitivitéit vun der Wirtschaft wéi och d'öffentlech Finanzen däitlech stäipen an donieft d'Inflatioun an engem Coup bremsen wat dann erém d'Konsequenzen op den Eenzelnen méi kleng gemaach hätt.

D'Land an hir Verantwortlech musse wëssen dass d'Betriber an déser Zeit et net verkraften, den Index ze bezuelen an dann den 1. Januar nach eng Hausse vum Salaire social minimum drop ze leeën.

Nieft dem Aussetzen vun der Indexéierung vun de Salairen gëllt et, di aktuell Gesetzgebung bezüglech d'Indexadaptatioun vun de Salairen a besonnesch dat Reglement aus dem Joer 1985, un di haiteg Gegebenheeten unzepassen, fir den Indexmechanismus a wirtschaftlech schwéieren Zäiten ze moduléieren. De Moratoire géif grad heifir den néidegen Zäitraum schafen an de Betriber déi néideg Loft ginn fir iwwert d'Kris ewech ze kommen. Mir brauchen Kompetitivitéit fir méi Wuesstem ze kréien a nei Aarbeitsplazén ze schafen, an net d'Gegentdel we verschiddener dat mengen.

D'Indexupassung an eng Erhéijung vun de Steieren sinn dofir ganz sécher net déi richteg Recetten. Et läit duerfir op der Hand, datt d'UEL mat deenen Virschléi wéi se gëschter Owend duergeluecht gi sinn, net kann averstane sinn. Mir verspiren dat als eng Negatioun vum Mandat un d'Tripartite an als en inakzeptabelen Affront un all Entreprisen zu Lëtzeburg.

Altesse Royale, Mesdames, Messieurs,

Si le Luxembourg doit engager des réformes profondes pour rétablir sa compétitivité coût, ses finances publiques et la soutenabilité de son système social, il a tout autant besoin de conserver son attractivité pour accueillir les entreprises et les investisseurs, seuls créateurs de richesse économique. Ces derniers sont très majoritairement des étrangers qui ne votent pas, mais qui ont élu domicile chez nous et qui contribuent de façon déterminante à la prospérité de notre pays.

A eux et aux entreprises luxembourgeoises, le pays doit offrir un cadre propice pour leur permettre de faire preuve d'innovation, d'imagination et de conquête de nouveaux marchés dans le monde et plus près de chez nous.

Luxexpo est un tel outil performant de promotion de l'activité économique. C'est la raison pour laquelle je félicite les nombreuses entreprises qui ont choisi cette fois encore de venir y offrir leurs produits aux consommateurs, qui émanent du Luxembourg et de la Grande Région.

Altesse Royale, Mesdames, Messieurs,

La cérémonie d'inauguration d'aujourd'hui est aussi la dernière présidée par Alain Georges qui, après un mandat de 10 ans, a proposé Raymond Schadeck pour lui succéder. Luxexpo doit beaucoup à Alain Georges, qui avait repris les rênes à une époque où les déséquilibres financiers de la Foire étaient tels que d'aucuns se demandaient si celle-ci avait une chance de survivre. Non seulement le président a-t-il réussi la restructuration financière de Luxexpo, mais encore a-t-il insufflé les changements ayant permis à la Foire de se développer, d'organiser de nouvelles

manifestations et de jeter les bases de son succès futur, étroitement lié à la question des nouveaux bâtiments. Au nom de la Chambre de Commerce et au nom de tous les actionnaires et de l'équipe de direction de Luxexpo, je voudrais profiter de cette tribune pour remercier Alain très chaleureusement.

Et comme en ces temps d'échec de la Tripartite et en ce jour du 1er mai, il ne sied pas pour le président de l'UEL de solliciter des applaudissements pour son discours, je propose que vous vous associez à moi pour applaudir vivement Alain Georges et lui témoigner notre gratitude pour tout ce qu'il a réalisé dans l'intérêt de Luxexpo et de l'économie luxembourgeoise.

Michel Wurth
Président de l'UEL

www.uel.lu

L'UEL regroupe les organisations suivantes :

Association des Banques et Banquiers, Luxembourg · Association des Compagnies d'Assurances · Chambre de Commerce du Grand-Duché de Luxembourg · Chambre des Métiers du Grand-Duché de Luxembourg · Confédération Luxembourgeoise du Commerce · Fédération des Artisans · Fedil – Business Federation Luxembourg · Fédération Nationale des Hôteliers, Restaurateurs et Cafetiers